

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 1. Abrëll 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister weiderzeleeden.

An engem Artikel, deen den 28.03.2021 an der däitscher Zeitung "Welt am Sonntag" publizéiert gouf, heescht et, datt d'EU-Kommissioun eng Auswärtung iwwer d'Kooperatiounsbereitschaft vun 39 Staate bei der Réckféierung vun hire Landsleit, virgeholl huet. Vun deenen 39 Staate, goufen der 14, nämlech den Irak, den Iran, Libyen, de Senegal, Somalia, Mali, Gambia, Kamerun, d'Republik Kongo, Ägypten, Eritrea, Äthiopien a Guinea-Bissau mat "mangelhaft" bewäert.

Falls des Staaten sech bei der Ëmsetzung vun hirer internationaler Verflichtung, fir eege Staatsbierger zeréck ze huelen, zukünfteg net méi kooperativ weisen, riskéieren si eng Rei Aschränkunge bei der Ausstellung fir Visaen an de Schengeraum. Sou kéint beispillsweis déi zäitlech Limitt vun der administrativer Behandlung vun der Demande fir e Visa erop goen an eng Taxe fir d'Ausstelle vun engem diplomatesche Visum erhewe ginn. D'EU-Kommissioun begrënnt des Approche domat, datt esou Moossnahmen am Contraire zu enger Kierzung vun der Entwécklungshëllef déi politesch verantwortlech Elite méi direkt trëfft.

Duerfir wéilt ech dem Här Bausseminister dës Froe stellen:

- 1) Wéivill Persounen aus deenen 14 genannte Länner befannen sech aktuell op lëtzebuergeschem Territoire, obwuel si net méi iwwert e gültigen Openthaltsstatus verfügen? Wéi verdeelen se sech am Eenzen op déi 14 Länner?
- 2) Vu wéi enge materiellen an immateriellen Zouwendunge profitéieren déi Persounen aktuell? Wéi vill kaschten des Zouwendungen de Staat all Mount?
- 3) Wéivill vun dese Persounen sinn aktuell an öffentleche Foyeren ënnerbruecht? Wéi verdeelen se sech op déi eenzel Hierkonftslänner?
- 4) Wéi stellt sech déi Lëtzebuenger Regierung zu deenen uewe beschriwwene Pläng vun der Kommissioun?
- 5) Gesäit den Här Bausseminister, am Beräich vun den nationale Visaen fir Leit aus deene genannte Länner, eng proaktiv Ergänzung vun deser Initiativ vir? Wa jo, woua bestinn des Mesuren? Wann net, firwat net?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser  
Deputéierten